

Réf.: FLMP-2021-063

Newsletter 2 / 2021

August 2021

Organisatioun vun enger Wanderung ab dem 16.08.2021

Startkarte verkafe mer elo erëm, de Start- a Stempelbüro soll weiderhi vu 09.00 – 17.00 Auer besat sinn. Wanderer, déi virun dëser Zäit starten, kënnen hiert Startgeld och no der Wanderung bezuelen. Ausser Selbstkontrollen op der Streck soll ab dem 16. August mindestens 1 Kontrollplaz op der klenger Streck ugebuede ginn. Wann de Veräin iwwert genuch Mataarbechter verfüügt, kënnen och méi Kontrollen ugebuede ginn.

Duerch de CovidCheck besteet och d'Méiglechkeet, de Cateringberäich erëm opzemaachen. Natierlech muss dann eng korrekt CovidCheck-Kontroll gemaach ginn. Fir ze kontrolléieren, muss déi betreffend CovidCheck-App erfogeluede ginn. Mat dëser App kann de Certificat kontrolléiert ginn an nëmme wann dëse gréng uweist ass en och gëlteg. Den Organisateur huet kee Recht fir Identitéitskontrollen ze maachen.

Den Organisateur ass verantwortlech, datt nëmme Persounen mam sougenannten 3G-Pass Zougang hunn. Et ass och dem Veräin seng Decisioun, op si wëllen zousätzlech Selbsttester op der Plaz ubidden (gratis oder bezuelt) oder nëmme 2G-Persounen (geimpft oder geheelt) zouloossen.

All Veräin soll sech bewusst sinn, datt zu all Moment Kontrolle vun der Santé resp. vun der Police méiglech sinn.

Eng CovidCheck-Organisatioun muss am Virus bei der Santé gemellt ginn an och an der Entrée vum Beräich affichéiert ginn.

All aktuell Informatiounen fannt dir ënnert: <https://covid19.public.lu>



CovidCheck-System

Zoutrëtt nëmme fir Leit déi **geimpft, erëm gesond oder negativ getest** sinn.

fir **Privatpersounen, Museen, Schoulen, öffentlich Etablissementer, Manifestatiounen oder Evenementer**

De CovidCheck-System gëllt fir Privatpersounen, Veräiner, Entrepreneuren, öffentlich Etablissementer, Manifestatiounen an Evenementer, déi Leit empfänken. Bei engem CovidCheck-Event ass den Zutritt nëmmen erlaabt fir Leit, déi geimpft, erëm gesond oder negativ getest sinn (entweder duerch e Selbsttest op der Plaz oder en zertifizéiert negativt Resultat). Kanner vu manner wéi 6 Joer mussen kee Selbsttest op der Plaz maachen oder COVID-19-Zertifikat virweisen.

Wann en Organisateur sech fir de CovidCheck-System entscheet, kann en Evenementer mat maximal 300 Persounen organiséieren. Bei Evenementer mat méi ewéi 300 Persounen brauchen den Organisateur e Gesundheitsprotokoll, deem am Virus vun der Gesundheitsdirektioun genehmegt ginn ass, an déi néideg Hygiënemaasures festleet.


Wéi mellen ech e CovidCheck-Event un?

- 1 Gitt op covidcheck.lu
 - 2 Klicke op **Äre CovidCheck-System deklaréieren**
 - 3 Fällt de **Formulair** online aus fir Äre CovidCheck-Event unzemellen.
- Fir e CovidCheck-Event mat maximal 300 Persounen gëtt d'Umeldung duer. Dir musst net op eng Bestätigung warden.



D'ëtzebuerger Regierung stellt eng **Rei vun Evenementer zur Verfügung** déi op covidcheck.lu kënnen erfollegräich ginn (klicke op „Kopiebox CovidCheck“) oder mat engem E-Mail un afiches-covidcheck@eco.etat.lu kenne bestallt ginn.

Beim Event ass **den Organisateur responsabel** fir d'Zertifikat (Impfung, erëm gesond oder negativen Test) vun alle Participanti mat der CovidCheck-App ze kontrolléieren an d' Selbsttester, déi op der Plaz gemaach ginn, ze iwwerwaachen.



Méi Detailler op covidcheck.lu

Regimm CovidCheck: Wat ass konform?

„EU Digital COVID Certificate“ mat engem séchere QR Code.

- Impf-Certificat**
→ EU-DCC Certificat ausgestallt an den Implantéieren
- Negativen COVID-19 Test**
→ EU-DCC Certificat ausgestallt vun de Laboren
→ EU-DCC Certificat ausgestallt vun Dokter/Doctoresch, verschide Professioneller aus de Gesundheits-Berueffer oder Apdiktesch.
- Erëm gesond-Certificat**
→ EU-DCC Certificat ausgestallt vun de Laboren

oder

Test-Certificaten, déi vun engem Beamtene oder an der Schoul ausgestallt ginn.

oder

Antigène-Selbsttester, déi op der Plaz gemaach ginn.

Natierlech muss de Start- a Stempelberäich ëmmer fir jidderen zougänglech sinn.

Leider ass nach ëmmer kee Catering ouni CovidCheck méiglech, esou wéi et aus de leschten Instruktiounen vun der Regierung ervirgeet:

Activités occasionnelles et accessoires de restauration et de débit de boissons

Toute activité occasionnelle et accessoire de restauration et de débit de boissons (buvettes...) reste interdite, sauf si ces activités ont lieu dans le cadre ou à l'occasion de manifestations ou d'événements se déroulant sous le régime Covidcheck, dans lequel l'accès est exclusivement réservé aux personnes vaccinées, rétablies ou testées négatives.

Den Take-out ass weiderhin erlaabt, dierf awer net op der Plaz consomméiert ginn.

Bezuele mat Bankkaarten

Den Opruff, fir mat ofgezielter Mënz ze bezuelen, gëtt leider ganz oft ignoréiert. Vill Veräiner offrëieren d'Méiglechkeet fir mat Digicash ze bezuelen.

Eng nei Méiglechkeet gëtt et elo fir mat Bankkaarten ze bezuelen. D'FLMP stellt den Apparat gratis zur Verfügung mat engem klengen Depliant iwwert d'Fonctionnement. All Paiement geet op de Kont vum der FLMP a gëtt no 2-3 Deeg global un den Organisateur zréck iwwerwisen. Eng Kommissioun vun 2,75 % gëtt vum „Bancomatubidder“ zréckbehalen.

Dësen Apparat muss zesumme mam FLMP-Material ugefrot ginn. Eise Caissier Romain Kremer steet fir all Informatiounen betreffend d'Fonctionnement zur Verfügung.

Young Walkers Day 2022

Fir de **Young Walkers Day** zesummen **mat der LASEP den 20. Oktober 2022** siehe mer nach ee Kandidat. Dësen ass all Joer Donneschdegnomëttes mat Strecke vu 5 & 10 km.

Kandidature w.e.g.l. iwwert Email un d'FLMP-Sekretariat.

Informatiounsbroschür vun der FLMP

D'FLMP huet eng nei Informatiounsbroschür drécke gelooss, déi ganz besonnesch fir nei Wanderer geduecht ass. Op insgesamt 40 Säite fënnt een hei all Informatiounen betreffend d'IVV-Wandere. Dës Broschür ass op däitsch an op franséisch disponibel. An de béiden Editiounen ass jee weils op 3 Säiten och eng kuerz Introductioun op lëtzebuergesch dran.

Et besteet och eng digital Versioun an deenen zwou Sproochen. Dës gëtt un all Veräiner iwwert Email verschéckt. Mir géifen eis freeën, wann d'Veräiner dës géifen op hirer Internetsäit publizéieren.

Gedréckte Versiounen kënnen och an enger rasonabler Zuel am FLMP-Sekretariat bestallt ginn.

All nei lizenzierte Member vum der FLMP, op individuell oder an engem Veräin, kritt vun eisem Sekretariat esou eng Broschür zougeschéckt.

Expo Belle Etoile

Eis **Expositioun mat Infostand am Shopping Center Belle Etoile**, déi mer am Februar hu misse verleeën, soll elo am November stattfannen. Hei maache mir e Réckbléck vu fréier bis haut an awer och vläicht en Ausbléck op d'Zukunft vum eisem Wandersport. Dir sidd elo schonns all härezelechst invitéiert **tëscht dem 3. an dem 13. November 2021** fir eis besichen ze kommen.

Veräiner, déi eis nach eppes wëllen zur Verfügung stelle fir dës Ausstellung sollen sech esou schnell wéi méiglech an eisem Sekretariat mellen. Mir soen elo schonns e grouse Merci.

Mir soen och deene Veräin schonns e grouse Merci, déi sech bereet erklären, eisen Infostand an dëser Period mat ze besetzen. **Mir sichen dofir Veräiner fir den 03.11. bis den 13.11.** fir eise Stand. Mellt iech am FLMP-Sekretariat.

Den 13. November 2021 fënnt och d'Präisverdeelung vum Yuppi-Walk an der Belle Etoile statt.

Kalenner 2021

Aus verschidde Grënn si folgend Wanderungen ofgesot:

05.09.2021 Steinfort **26.09.2021** Oberdonven

Dës Datume stinn elo e Veräiner zur Verfügung, déi eventuell un enger weiderer Organisatioun intresséiert sinn. Mellt iech w.e.g.l. iwwert Email am FLMP-Sekretariat, wann Dir intresséiert sidd. Den Éischten ass vir.

Kalenner 2022

De Verwaltungsrout vum der FLMP huet decidéiert, fir déi offiziell Startzäite vum Joer 2022 un op 08.00 Auer festzeleeën. D'Méiglechkeet fir schonns méi fréi ze starten, bleift bestoen, d'Kontrolle gi weiderhin eréischt ab 09.00 besat, virdru gëllen d'Selbstkontrollen.

Iwwer weider Méiglechkeete betreffend Catering, Zuel vum de Leit am Sall, asw, musse mer op de bisdohi besteend Decisiounen vum der Regierung waarden.

Moonwalk

Wéinst den nach besteende Restriktiounen vum der Pandemie gëtt dëst Joer kee Moonwalk organiséiert. Dës Decisioun ass geholl gi vum Organisateur zesumme mat den Haaptsporsoren vum dëser Manifestatioun.

Iwwert weider Schrëtt hale mir iech natierlech um Lafenden.